N°5505
Reçue le 14.01.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 14.01.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/01/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bildung & Finanzen weiderzeleeden.**

Mat der Konventioun vum 20ten Oktober 2020 an dem groussherzogleche Reglement vum 22te Januar 2021 goufen d'Rechter vun de Salariéeë am Télétravail festgehalen. Am Fall, wou een Employé méi wéi 10% vu senger Aarbechtszäit doheem schafft, muss de Patron dem Salarié all néidegt Equipement fir d'Aarbecht doheem zur Verfügung stellen, respektiv bezuelen.
Dësen Accord gëllt net e.a. fir Salariéeë mat engem "Statut de droit public ou assimilé."
Duerch d'Pandemie huet den Télétravail ganz nei Ausmoossen ugeholl. Esou hunn och d'Enseignanten méi op dësen Outil missten zréckgräife, virun allem a Wochen, wou Homeschooling muss gemaach ginn, wéi am Februar d'lescht Joer.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Gouf dem Léierpersonal, am Kader vum Homeschooling 2020 an 2021, dat néidegt Material zur Verfügung gestallt ?
2. Kann d'Léierpersonal zu all Moment op dëst Material zréckgräifen, falls den Homeschooling an enger Klass erëm sollt agefouert ginn?
3. Am Fall, wou d'Léierpersonal selwer misst fir d'Material opkommen, wieren dës Käschte da steierlech ofsetzbar? Falls jo, ënnert wéi enger Kategorie?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vun der Finanzministesch, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro Nr. 5505 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

Hei muss een als éischt ënnerscheeden tëscht dem Enseignement fondamental an dem Enseignement secondaire. Opgrond vun de legalen Dispositiounen an dësem Kontext, fält fir d'Grondschoulen d'Bereetstelle vum informatesche Material an de Kompetenzberäich vun de Gemengen; fir d'Lycéeën ass de Centre de Gestion informatique de l'éducation (CGIE) zoustänneg.

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 5137 erkläert, ass et den Enseignanten, déi an den ëffentleche Grondschoulen intervenéieren, méiglech, bei der Realisatioun souwuel vun de schouleschen Aktivitéite wéi och vum "Enseignement à distance", op dat informatescht Material zeréckzegräifen, dat hinnen an de Schoulen zur Verfügung steet. Dëst gëllt och fir den Enseignement secondaire: D'Lycéeën hu genuch Material, dat si den Enseignanten zur Verfügung stelle kënnen. Ausserdeem gëtt et am Enseignement secondaire de Programm "IT for Teachers" (IT4T), deen eng Mise à disposition vun iPads oder Laptoppe fir d'Enseignantë virgesäit.

Et sief an dësem Kontext och drop higewisen, datt d'Schoule wärend de Periode vum Distanzunterrecht fir d'Enseignanten accessibel waren, an deemno den Zougrëff op d'informatescht Material zu all Moment gi war.

Den Educatiounsministère stellt den Enseignanten donieft ënnerschiddlech Typpe vu Software zur Verfügung a passt bei der Entwécklung respektiv der Bereetstellung heivunner dorop op, datt se op allen informatesche Supporte kënnen agesat ginn, fir dem Schoulpersonal déi gréisstméiglech Flexibilitéit ze ginn.

Prinzipiell kënnen d'Enseignanten also op den Equipement zeréckgräifen, deen hinnen an der Schoul zur Verfügung steet; donieft steet et hinne fräi – zum Beispill ausserhalb vun de reguläre Schoulzäiten – hiert privat Material ze benotzen.

Och wann dëst ee perséinleche Choix vum Agent ass, esou huet hien a punkto steierlecher Vergënschtegung déi nämmlecht Méiglechkeeten, wéi all anere Contribuabel. Fir d'Käschte vu Material, wéi zum Beispill engem Computer, als sougenannte Frais d'obtention steierlech kënnen ofzesetzen, mussen d'Konditiounen erfëllt ginn, déi an der Circulaire du directeur des contributions L.I.R. n° 105/2 vum 4. Juni 2021 preziséiert ginn. Am Bezuch op de Computer gëtt an dëser Circulaire Follgendes ervirgehuewen:

*« En général, l'ordinateur qui est utilisé à titre professionnel se prête également à divers autres emplois privés. Si l'ordinateur est régulièrement utilisé à titre professionnel et à titre privé, la déduction en tant que frais d'obtention n'est généralement pas possible puisqu'une séparation aisée et claire selon des critères objectifs ne peut normalement pas être faite.*

*Dès lors, l'ordinateur n'est à considérer comme instrument de travail que s'il est presque exclusivement utilisé dans l'intérêt professionnel du contribuable (à raison de 90% ou plus). Cette question est à trancher dans chaque cas isolé suivant la fonction effective de l'ordinateur. Le contribuable doit par*

*conséquent exposer en détail qu'il utilise l'ordinateur presque exclusivement à titre professionnel. Si le contribuable ne peut pas l'exposer, les dépenses relatives à l'ordinateur ne sont pas déductibles. Les bureaux d'imposition garderont à l'esprit que, de nos jours, l'utilisation de l'ordinateur personnel est largement répandue parmi les ménages privés et qu'en l'absence de justifications pertinentes quant à l'utilisation professionnelle exclusive ou quasi-exclusive, une utilisation privée supérieure à 10% est à présumer. (… ) »*

De Contribuabel gegebenefalls och den Enseignant, muss kënnen eng ausschliisslech oder quasi-ausschliisslech professionell Notzung vum Computer beweisen, fir datt d'Uschafungskäschte vum Computer kënne steierlech geltend gemaach ginn.

Lëtzebuerg, den 22. Februar 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH